Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 24/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Den 22ten November huet den europäesche Geriichtshaff een Urteel gefält, wat de Justizministère dozou veranlasst huet de Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) direkt offline ze huelen. Et léien awer mëttlerweil eng Villzuel un Arrête vun dem europäesche Geriichtshaff vir wat d'Vorratsdatespäicherung ugeet, wou d'Regierung bis elo nach net reagéiert huet. An eise parlamentaresche Froen n°813, n°1783 an n°4693, souwéi an enger Motioun vum Juli 2019 si mir am Detail op dës Illegalitéit agaangen.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung elo endlech ee Gesetzesprojet deposéieren, fir d'Gesetz vum 30ten Mee 2005 ofzeänneren an d'Vorratsdatenspäicherung z'ënnerbannen?
    - Wa jo, wéini?
    - Wa nee, firwat net?
2. Firwat reagéiert d'Regierung hei an ënnerschiddlechem Moss op Urteeler vun der CJEU?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven GOERGEN Marc
Deputéierten Deputéierten